



Dikrich, den 14. Februar 2022

Léiw Beiefrënn(dinnen),

An dësem Bréif fannt Dir d'Informatiounen iwwert d'Veräinsliewen an iwwert di verschidden Aktivitéiten déi fir dëst Joer geplangt sinn (sou wäit dëst am Moment méiglech ass).

Generalversammlung

D'Generalversammlung ass fir Freides den 29. Abrëll 2022 um 19.00 Auer an der Aaler Seerei zu Dikrich geplangt. Den geneen Programm deelen mir nach mat.

Kotisatioun 2022

Mir bidden Iech de Montant vun **50 € bis allerspéitstens den 15. März 2022** op den CCPL LU08 1111 0409 6733 0000 vun der Union des Apiculteurs du Canton de Diekirch ze iwwerweisen (digicash +352 621 494 586). Wéi Dir wësst ginn 40 € vun dësem Montant weider un d'FUAL fir eis um nationalen Plang ze verrieden an z.B. och d'Arbecht vum Beieberoder ze finanzéieren. Wann d'Cotisatioun um Stéchdatum net bezuelt ass, mussen mir déi Persounen offiziell beim Landesverband ofmellen.

Fir di Persounen, di well an engem aaner Kantonalveräin Mëmber sin an di just un eisen Formatiounen Deel huelen wëllen bidden mir eng **Sympathiememberschaft** un. Dës kascht **20 €** d'Joër, Dir kennt d'Kuren vun Dikrich matmaachen, mee Dir gidd net vun eis bei der FUAL ungemellt.

Chrëschtmaart

Den Weekend vum 16. bis 18. Dezember 2022 si mir rëm zu Dikrich um Chrëschtmaart a verkafen selwergemaachte Glühwäin an Hunnëgdrepp.



Kuren fir Imker:

Grad esou wéi di läscht Joeren huet den Dikricher Kantonalbeieveräin wëlles fir Kuren fir alleguerte seng Memberen z'organiséieren.

Viraussetzung fir bei den prakteschen Kuren matzemaachen ass dat eis Jongimker un de 6 theoretische Kuren vun der FUAL deelhuefen, fir datt si dat nédeigt Basiswëssen opweisen wat dono erwaard gëtt. Den Detail vun den theoretische Kuren vun der Federatioun gëtt op www.apis.lu publizéiert:

- 22.02.2022 / 24.02.2022 : Honig 1 & 2
- 08.03.2022 / 10.03.2022 : Weitere Bienenprodukte 1 & 2
- 22.03.2022 / 24.03.2022 : Krankheiten der Honigbiene 1 & 2

Umellen kënt Dir lech fir dës Formatiounen bei der FUAL op secretaire@apis.lu oder direkt beim Beieberoder op beieberoder@apis.lu.

Déi praktesch Kuren fir Ufänger ginn dann an der Regel Méindes owes um 18.00 Auer zu Dikrich an der Hooldär ofgehal a fänken den 28. März 2022 un. Mir bieden déi interesséiert Leit sech su schnell wi méiglech a bis spéitstens den 1. Abrëll fir dës Kuren op der Websäit www.beien.lu unzemellen.

Déi genee Sujetën leeën mir net am Virus fest, mee mir maachen dat ofhängeg vum Joresoflaaf a kucken wéieng Thematik mir zu wéiengem Zäitpunkt behandelen. Mir versichen sëcherzestellen, dat mir mat eise jonken Imker een komplett Beiejoër mat den jorespezifëschen Arbëschten duerchlaafen.

De komplette Kalenner mat allen eventuellen Ännerunge steet och op eiser Websäit www.beien.lu. Den Detail kënt och nach an enger separater Email no. Mir invitieren lech dës Informatiounen och un all interesséierte Jongimker weiderzeginn.

Mir freeën eis lech bei eisen nächsten Aktivitéiten ëremzegesinn,

Beieveräin Kanton Dirkirch, a.s.b.l.

